ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sozialminister weiderzeleeden.

> Leit, déi sech an enger finanziell oder sozial prekärer Situatioun befannen, kënnen an engem Office social Hëllef froen. Wat d'Zoustännegkeete vum Office social ugeet, heescht et op *guichet.lu*: „Das Sozialamt ist mit folgenden Aufgaben betraut: (...) eine finanzielle oder materielle Beihilfe in Form eines Vorschusses oder einer Zusatzzahlung veranlassen, wenn die gemäß der luxemburgischen oder ausländischen Gesetzgebung bezogenen Leistungen die anlässlich der Untersuchung des sozialen Umfeldes und der verfügbaren Daten festgestellten und zurückbehaltenen Bedürfnisse nicht fristgerecht oder nicht ausreichend abdecken."
>
> An deem Kontext wéilt ech dem Här Sozialminister folgend Froe stellen:
>
> 1. Huet eng Persoun, déi den RMG bezitt, en Urecht drop, vun de Sozialbüroen an de Gemengen finanziell ënnerstëtzt ze ginn, respektiv Sue virgestreckt ze kréien, wa si wichteg Rechnungen – Stroumrechnung, Waasserrechnung – net méi bezuele kann oder schonn eventuell net méi bezuelt huet, och wann dat eng gréisser Zomm ass?
> 2. Sinn d'Gemenge verflicht, am uewe genannte Fall Hëllef ze leeschten oder gëtt et do ee Spillraum?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten